



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Interieur weiderzeleeden.

Virun net allze laanger Zäit war et gudden Brauch, dass op der Silvesternuecht d'Bierger dat neit Joer mat engem private Freedefeier begréisst hunn. Dëse Brauch gouf an de leschte Jore reviséiert, sief et aus Grënn vum Déiereschutz, der bannenzeger Sécherheet oder aus anere Grënn.

Elo ass et zu Lëtzebuerg awer nach laang net esou, dass d'Freedefeier engem generelle Verbuet ënnersteet. Ganz am Aklang mat der Gemengenautonomie decidéiert all eenzel vun den 102 Gemengen hei am Land, ob d'Schësse vu Knupperten a Rakéiten zur Silvesternuecht erlaabt ass oder net.

Während an e puer Gemengen ee generell Verbuet fir d'Zünden vu Knupperten um Territoire vun der Gemeng gëllt, limitéieren aner Gemengen den Zäitraum wou gezünd däerf ginn. Aner Gemengen erlaben dogéint d'Zünden op privaten Terrainen, während erëm aner Gemengen nëmmen d'Empfehlung ginn, fir kee Freedefeier ze schéissen. Ee richtegt Verbuet stellt dëst awer net duer.

Duerch dee ganzen Amalgamm u Gemengereglementer fannen d'Bierger hei am Land sech mat enger Panoplie u Reegelen erëm, déi vu Gemeng zu Gemeng anescht ass an zur Rechtsensécherheet hei am Land bäidréit. Dës Weideren ass et aus engem objektiven Siichtpunkt aus net fair, dass Bierger aus enger Gemeng d'Zünde vu Freedefeier verbuede kréien, während an der Nopeschgemeng jidderee mat de Knupperte schéissen däerf.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Positioun vertritt d'Regierung vis-à-vis zum privaten Ofschoss vu Freedefeier?
2. Ass d'Regierung fir oder géint ee Verbuet vu privat organiséierte Freedefeier bei offizieller Feierdeeg?
3. Ugesiichts der Panoplie u verschiddene Gemengereglementer zum Thema Freedefeier, gesäit d'Regierung een Ulooss, fir op nationalem Niveau d'Benotzung vu Freedefeier soit méi aschränkend, soit méi oppen ze legiferéieren? Falls jo, wat wäert d'Regierung ënnerhuelen?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu